PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 27/05/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Landwirtschaft weiderzeleeden.

Verschidde Papageienaarten si wéinst hire faarwege Plommen an dem Fait, dass si d'Stëmm vu Mënschen imitéiere kënnen, weltwäit beléift Hausdéieren. Leider sinn awer och d'Papageien vum Verloscht vun der Aartevillfalt betraff. Tëscht 1994 an 2003 goufe ronn 1,6 Millioune Papageien an d'EU importéiert, déi ënnert déi sougenannte CITES-Bestëmmunge falen, also als gefërdert Aarten ugesi ginn.

Säit dem 1.07.2007 dierfe keng an der Wildnis gefaange Villercher méi an d'EU importéiert ginn, just nach Déieren aus bestëmmten Ziichtereie sinn erlaabt. Dëst war d'Konsequenz vun engem Rapport vun der EFSA, dee bewisen huet, dass vill Villercher beim Transport stierwen an et ee Gesondheetsrisiko duerch net bekannte Krankheete gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Sinn dem Minister verstéiss géint d'Importverbuet vu wëlle Villercher (also géint d'EU Reglementer 318/2007, 139/2013 oder 2020/692) zu Lëtzebuerg bekannt? Wann jo, wéi vill Fäll goufe säit dem 1.07.2007 festgehalen?

2. Wéi vill Händler vun exotesche Villercher hei am Land sinn der Veterinärsinspektioun bekannt?

3. Ginn d'Händler, déi exotesch Villercher zu Lëtzebuerg verkafen, vun der Veterinärsinspektioun kontrolléiert? A wann jo, wéi oft?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député